N°3104
Entrée le 20.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3104 vum 24. Oktober 2025 vun der Madamm Deputéiert Stéphanie Weydert.**

Déi honorabel Deputéiert stellt am Kader vun dëser parlamentarescher Fro eng Rei Froen iwwer d'Gëltegkeetsdauer vum Führerschäin zu Lëtzebuerg.

Fro 1: Kann d'Madame Ministesch confirméieren, dass d'Dokument (den Instrumentum) vum Fürerschäin eng Gëltegkeetsdauer vun nëmmen 10 Joer huet, obwuel d'Fuererlabnis, déi et ausweist, eng méi laang Dauer huet? Ginn et Ausnamen dozou?

Dat ass korrekt. De Führerschäin enthält zwee Datumer. Deen een ass d'Gëltegkeet vun der jeeweileger Kategorie an deen aneren ass d'Gëltegkeet vum Dokument selwer. Et kann awer och virkommen, dass dës zwee Datumer identesch sinn.

Fro 2: Falls jo, firwat ass dat esou a firwat gëllt déi Kaart net méi wéi beim ale rosa Fürerschäi bis zum 50. respektiv 60. Gebuertsdag vum Detenteur? Ass virgesinn, d'Regelung unzepassen, sou datt d'Gültegkeet vum Dokument a vun der Fuererlabnis nees mam Datum iwwertenee stëmmen?

Neen. Dës Reegelung kann net ugepasst ginn, well déi maximal Gëltegkeetsdauer vum eenheetlechen europäesche Führerschäi säit dem Akraafttriede vun der Führerschäinsdirective 2006/126 am Joer 2013 vun der EU virgeschriwwe gëtt. Dofir huet all Führerschäin (d'Dokument) deen ab 2013 ausgestallt gëtt eng Gëltegkeetsdauer vun 10 Joer. Un der Gëltegkeetsdauer vun de Kategorien huet sech näischt geännert.

Fro 3: Wat ass un där Platikskaart sou besonnesch, datt se just eng limitéiert Gültegkeet huet?

Bei der Aféierung vum Führerschäin als Plastikskaart, goufen insgesamt och eenheetlech europäesch Reegelunge fir de Führerschäin agefouert, och wat d'Gëltegkeetsdauer ugeet. Dës eenheetlech Reegelen an déi méi héich Sécherheetsstandarde vun der Kaart selwer sinn agefouert gi fir Führerschäifälschungen ze verhënneren a fir de sougenannte Führerschäinstourismus, also eng Persoun déi an engem Land de Führerschäi verluer huet a sech dann an engem anere Land en neie siche gaangen ass, ze verhënneren. Dozou gehéiert och, datt se no enger gewësser Zäit hier Gëltegkeet verléieren.

Fro 4: Ginn d'Automobiliste protokolléiert, wann si mat enger ofgelafer Fürerschäinkaart ugehale ginn obwuel hier Fuererlabnis nach gëlteg ass?

Jo. Genee wéi d'Kategorië muss och d'Dokument selwer ëmmer gülteg sinn. Wann d'Dokument vun enger Persoun ofleeft, gëtt dës am Virfeld vun der SNCA duerch e Bréif doriwwer a Kenntnis gesat, fir dass sie mat Zäiten déi néideg Demarche ka maache fir d'Dokument ze erneieren.

Fro 5: Mussen d'Detenteure vum Fürerschäin hir Kaart all 10 Joer erneieren an all 10 Joer déi 30€ fir den Timbre de chancellerie bezuelen?

Neen. En einfache Renouvellement vun engem Führerschäi wou d'Dokument ofleeft ass gratis.

Fro 6: Wéi ass d'Prozedur wann een Fuererlabnisser fir verschidde Gefierer huet, déi mat aaneren Échéancen oflafen, wéi zB Camion oder Bus a falen hei all Kéiers Käschten fir d'Erneierung un?

Neen. Och hei ass all einfache Renouvellement gratis.

Fro 7: Gëtt et statistesch Date dozou, wéi vill Fürerschäiner (Instrumentum) aktuell ofgelaf sinn obwuel d'Fuererlabnis nach gülteg ass?

Laut eiser Datebank sinn aktuell 11.716 Führerschäiner am Ëmlaf wou d'Dokument ofgelaf ass wou awer nach gülteg Kategorien drop sinn. Dës Persoune goufen awer all, wéi bei der Fro 4 beschriwwen, vun der SNCA schrëftlech doriwwer informéiert. Wat awer och ka sinn ass, dass dës Leit guer net méi zu Lëtzebuerg wunnen. D'Informatioun wou eng Persoun sech aktuell ophält ass net an der Datebank erfaasst.

Lëtzebuerg, den 20. November 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes